

Klimawandel

Hans Joachim Schellnhuber: "Efforte ginn net duer"

D'politesch Versprieche, déi een op der Klima-Konferenz gemaach huet, missten och ëmgesat ginn.

Vum Pierre Weimerskirch (Télé)

Trotz den aktuellen Efforte géif een 2-Grad-Zil net errechen, weider Mesurë misste geholl ginn, esou den Hans Joachim Schellnhuber.

Den däitsche Klimafuerscher Hans Joachim Schellnhuber war um Mëttwoch den Owend fir eng Konferenz vun der Associatioun "The Bridge Forum Dialogue" zu Lëtzebuerg. De fréieren Direkter vum Potsdamer Institut fir Klimafuerschung ass ee vun den Éischten, dee sot, datt d'Erreeche vum 2-Grad-Celsius-Zil wesentlech wier, fir dat eise Planéit sech net ze vill verännert.

Elektromobilitéit schued, kuerzfristeg

Wann et ëm d'Fro vun der Elektromobilitéit geet, gesäit de Fuerscher dëst als ee Bestanddeel vun der Léisung. Kuerzfristeg wier wuel d'Energie-Bilanz vun Elektrogefierer méi schlecht wéi déi vun den aktuelle Verbrennungsmotoren, laangfristeg géifen d'Verbrennungsmotore méi schueden.

Insgesamt hätt d'Bewosstsinn fir de Klimawandel sech an de leschte Joren enorm geännert. Déi politesch Grondlag wier 2015 um Klimasommet zu Paräis geluecht ginn. Bei der Ëmsetzung wier et awer aktuell méi problematesch, d'politesch Versprieche misst een och ëmsetzen.

Leschten Update: 30.01.2019, 20:02:06

5 Commentaire(n)

E-Mail schécken

Printen

Recommend 5

Tweet



Share

Themen

International

Internat.: Am meeschte gelies

Haut Gësch Dës Woch Lescht Woch

1. Täter festgeholl: Lëtzebuenger bei Kläpperei zu Ischgl ganz uerg verwonnt
2. Sprengstoff fonnt: Groussasaz zu Igel, direkt hannert der Lëtzebuenger Grenz